





# Den Nic. Molitor Wee

## Op Zäitrees duerch de Wëlle Westen



MUSÉE DE L'ARDOISE

GEMENG RAMMERICH

SYNDICAT D'INITIATIVE BIGONVILLE

# Den Nic. Molitor Wee

**Op Zäitrees duerch de Wëlle Westen**



1. **START**
   Wie war den Nic. Molitor?
2. D'Zerstéierung am 2. Weltkrich zu Bungeref
3. D'Bongerten
4. De Wäschbuer
5. Spadséieren am Bësch
6. D'Juegd
7. D'Aarbicht um Feld
8. De Rommlerhaff
9. D'Éiler Millen
10. Am Holz schaffen
11. Den Éiler Haff
12. D'Brécken iwwert d'Sauer
13. Den Hiert
14. D'Gendaarmen
15. D'Ambulant Beruffer
16. D'Donati-Prëssioun
17. Den Hotel Molitor






**Längt**
12.4 km

**Héichtemeter**
355 m

**Wanderzäit**
3h30

**Schwierigkeetsgrad**
schwéier

**Kaart op Geoportail**




# Wëllkomm zu Bungeref, am Heemichtsduerf vum Nic. Molitor!

**Op dësem wonnerschéinen Tréppeltour wäert Dir dem Nic. säi Liewen a Wierke besser kenneléieren.**

Den Nic. Molitor Wee ass identisch mam Autopedester vu Bungeref. Dir braucht also nëmmen dem gewinnten Autopedester-Zeechen nozegoen. Am Duerf fannt Dir Panneaue mat Fotoen an Erklärungen. Ausserhalb vum Duerf ginn et keng Panneauen, kuckt doweinst wgl. bei de verschiddene Statiounen no klengen Nummereschëlder, déi op dat entspriechend Kapitel an dëser Broschür hiweisen. Sämtlech Fotoen an Texter aus dëser Broschür stamen aus dem Buch „No 100 Joer un d'Liicht..."* vum Romain Gaspar. Et war de Wonsch vun der Mme Molitor-Schonckert a bestëmmt am Sënn vum Nic. Molitor, dass dëse Schatz an der Regioun bleift.

Iwwer de Schiefermusée vun Uewermaartel (Musée de l'Ardoise, Haut-Martelange) gëtt haut déi ganz Kollektioun verwalt an ass ab 2026 a Form vun enger permanenter Ausstellung zougänglech fir de Public. Detailer an Informatiounen ënner www.ardoise.lu.





**Mir wënschen Iech eng ganz flott Rees zréck an d'Zäit vum Nic. Molitor a vill flott Entdeckungen ënnerwee!**

* „No 100 Joer un d'Liicht..." - 464 Säiten, ëm déi 700 Fotoen, ausféierliche Flyer ënner romain.gaspar@education.lu



# Wie war den Nic. Molitor?

Den Nicolas Molitor gouf den 10. August 1882 als eelst vu 6 Kanner zu Bungeref gebuer. Vill ass iwwer seng jonk Joren nit gewosst, ausser dass e studéiert hätt a wäit an der Welt rëmkomm wier. Genau Detailer awer feelen. Ëm 1908 war den Nic. Molitor rëm zréck zu Bungeref an huet am Familljebetrib, deen hie séier zu engem Hotel mat Epicerie a Café ausgebaut huet, matgehollef. Spéider huet hien nach eng Seeërei an en Holzhandel bedriwwen.

Den Nic. war säi Liewe laang e leidenschaftlichen a begaabte Fotograf. Hien hat awer nach vill aner Hobbyen: d'Bungerefer Musik, wou hien Dirigent war, d'Juegd, den Tourismus, de Syndicat d'Initiative, d'Autoen, .... an en huet sech mat Häerz a Séil am Duerfliewen abruecht. Aus sengem Mariage mam Marie Hostert, ass 1932 den Emile ervirgaangen. Den Nic. ass 1952 am Alter vu 70 Joer gestuerwen.

Dës risig Foto-Kollektioun a Form vu bal 2000 Glasplacken a sëllige Fotoalbumen huet seng Schnauer d'Gréitchen Molitor-Schonckert iwwer Joerzéngte versuergt. Mat Hëllef vum Romain Gaspar ass dëse Schatz opgeschafft an am Buch „No 100 Joer un d'Liicht..." verëffentlicht ginn.



2

# D'Zerstéierung am 2. Weltkrich zu Bungeref

Wärend der Rundstedt-Offensiv gouf Bungeref den 23. Dezember 1944 uerg zerstéiert: Vun den 134 Gebaier sinn der 40 komplett verbrannt, vill anerer goufe vu Granaten zerlächert. 4 Bungerefer souwéi 92 Stéck Véi sinn an dëse schwéieren Auseranersetzungen ëm d'Liewe komm. Den Nic. Molitor huet eis mat sengen detailléierte Biller an ergräifenden Artikelen ee leschte groussen Temoignage vun der Zerstéierung vu sengem Duerf hannerlooss, dat hie sou gär hat.

Um Enn vun der Rundstedt-Offensiv gouf Bungeref als éischt Uertschaft aus däitscher Hand befreit. Kuerz drop ass ugefaange gi mat opraumen. Dat huet sech iwwer Joren higezunn. Fir déi Awunner, déi hiert Haus verluer haten, goufen Noutwunnengen, Bude genannt, op der Plaz vum haitege Centre culturel opgeriicht.



*„Samstag 23. Dezember 1944. Es ist 12 ½ Uhr. Die ersten Granaten schlagen ein. Drüben hört man die Maschinengewehre bellen. Der Tanz geht los. Für viele wird es der Totentanz sein. Wen wird es treffen? Die Dorfleute flüchten in die Keller. Die Deutschen teilweise auch. Sie erwarten Verstärkung. Panzer-Division Groß-Deutschland ist im Anrollen, heißt es. Kommt jedoch nicht, oder kommt zu spät. Die Amerikaner gewinnen das Wettrennen, gewinnen es auch durch ihren massenhaften Materialeinsatz. Fliegerbomben fallen. Schießen die Häuser aus der Luft in Brand. Angstvoll hocken die Dorfleute zusammengedrückt in den Kellern. Sie beten den Rosenkranz, glauben ihre letzte Stunde habe geschlagen. Dann unter Todesgefahr wieder heraus. Über ihrem Kopf brennt das Haus. Flüchten aufs Feld, in den Wald mit kleinen Kindern und alten Leuten oder in den Nachbarkeller, wo dieselbe Gefahr auf sie lauert. […] Am Sonntagmorgen dringen die Amerikaner über den „Kiem“ in das untere Dorf herein. Ihre Panzer umzingeln das Dorf, sie schießen auf alles, was sich draußen zeigt. Die Schlacht ist für die Deutschen verloren.“*



3

# D'Bongerten

D'Famill Molitor hat ee Bongert, wou haaptsächlich Äppelbeem ugeplanzt goufen. Déi schéin Äppel sinn am Keller gelagert ginn, mat den zertéitschten ass Viz gepresst ginn. Zum Nic. senge Liefzäiten hunn d'Bongerte fest zum Duerfbild gehéiert. Och d'Kanner hu beim Plécken a virun allem beim Schmaache fläissig matgeholleff.









4

# De Wäschbuer

Um Wäschbuer bei der klenger Baach „Op der Froumicht“ ass scho viru ganz laanger Zäit Wäsch gemaach ginn. Ufanks war et e ganz primitiivt Gebai. 1856 koum een Daach drop. Ëm 1900 gouf ee richtig moderne Wäschbuer gebaut, deen all Krittären erfëllt huet. De Wee vu Bungeref erof war wäit an onkamoud, mee déi aner Bueren uewen am Duerf haten dacks nit genuch Waasser oder waren nit propper genuch. Mat Hëllef vum Bayard, enger Aart Schubkar, ass d’Wäsch bei de Wäschbuer an heem transportéiert ginn. D’Plack baussen um Giewel erënnert nach haut un den Nic. Molitor, de Pionéier vum Bungerefer Tourismus.







5

# Spadséieren am Bësch



An den 1920er Joren huet et sech fir déi „besser Leit“ gehéiert sonndes mam wäisse Rack oder am chicke Paltong an de Bësch spadséieren ze gouen. Den Nic. ass och gäre mat senge Gäscht trëppele gaange fir hinnen dës onberéiert Natur ze weisen. D’Leit aus dem Duerf, déi souwisou all Dag dobaussen um Feld, am Stall, am Gaart oder um Wäschbuer haart geschafft hunn, hu gären op ee Sonndes-Spadséiergang verzicht! D’Schoulklassen hunn awer hei an do mol en Ausfluch an de Bësch gemaach.




# 6

# D'Juegd



Nieft der Fotografie an dem Tourismus hat den Nic. Molitor nach eng aner grouss Passioun: dat wor d'Juegd. Den Nic. ass gäre mat senge Jeeërkolleegen duerch dës Bëscher gezunn, och duerch den héije Schnéi. Si hunn nieft Wëllschwäin, och Int, Hirsch, Fuuss, Réi, Hues a Kanéngche gejot. Mat derbäi waren ëmmer seng trei Hënn vun deene vill Fotoen an der Sammlung sinn. En Dram war d'Juegd an de géie Fielswänn mat Bléck an dee pittoreske Sauerdall!




Vallée de la Süre
Bigonville
ch. Molitor.

7

# D'Aarbicht um Feld

Ier et Päerdskéiermaschinne gouf, hunn d'Bauerefamilljen dat geméinte Gras mam Hëlzereech zesummegeraf a mat der Hand gekéiert fir et ze dréchnen. Wa Reen an Aussicht war, huet d'Gras misse gehäppt ginn. D'Häpp (Kéip) hunn nämlich verhënnert, dass d'Gras bei reenigem Wieder duerch an duerch naass gouf. Wann et awer dra gereent huet, konnt ee rëm vu vir mat Kéieren ufänken. A wann d'Gras endlech dréche war, gouf et mat der Heegafel mat zwéin oder dräi Zänn op de Leederwon getässelt.







# De Rommlerhaff

Op der westlicher Säit duerch d'Beem kënnt Dir de Rommlerhaff (oder Martelinville) erblécksen. Dësen Haff, wou haut e Reithaff bedriwwe gëtt, gouf kuerz virun 1800 vum Stephan Marteling gebaut. Vis-à-vis, op der belscher Säit vun der Sauer, gouf et tëscht 1263 a 1781 d'Duerf Rommel (fr. Romeldange) mat enger Kierch an engem Kierficht. Wéinst den heefigen Iwwerschwemmunge war Rommel dacks schlecht duerch den Dall ze erreechen. D'Awunner hu lues a lues d'Duerf opginn, a sinn deels an d'Dierfer rondrëm gezunn a souguer bis op „Belgium" an de Vereente Staaten ausgewandert. D'Kierch vu Rommel gouf ofgedro an d'Steng si fir eng méi grouss Kierch zu Tënnen (Tintange) benotzt ginn. Ëm 1855 huet e Baron vu Bréissel, den Här Goethals, de Rommlerhaff an all déi aner Gebaier op der belscher Säit opkaf. Hee léisst nëmmen déi zwee Bauerenhäff op béid Säite vun der Sauer stouen, a setzt e private Fierschter an de belschen Haff. An den 1930er Joren huet ee Waffefabrikant aus der Belsch mat russische Wuerzelen eng Villa, déi an der Schwäiz prefabrizéiert gouf, op dem Fielsvirsprong direkt iwwer Rommel opriichte gelooss. Se hat den Numm vun hirem Proprietär „Piper". Am Summer 1945 gouf dës Villa awer schonn ofgebaut. Se wier zu Malempré an der Belsch rëm opgebaut an duerno als Duerfschoul genotzt ginn. Den Henri Trauffler erënnert sech un dës aussergewéinlich Awunner:



*Damals schon rollte ein belgisches Auto hie und da, von Brüssel kommend, in diese Wildnis, es muss sich verirrt haben… Wir lächelten über den „verrückten" Piper zu Rommel, der sich eine Villa bauen konnte und dort sein Leben „versauerte". Aber Herr Piper und seine Familie fühlten sich sehr wohl dort und haben als Erste den Wunderreiz des oberen Sauertals erkannt und genossen.*







# D'Éiler Millen

Ënnen un der Sauer gesäit een déi deemolig Éiler Millen (Moulin d'Oeil), wou haut an der 3. Generatioun d'Famill Bach wunnt. Just vrun der Mille war laang eng Holzbréck, déi et méiglich gemaach huet um direkte Wee op Bungeref ze kommen.

Op der Foto mat der Bréck gesäit een dem Nic. säi gudde Kolleeg, den Emil Majerus aus der Maison Rouge vu Maartel. Zesumme mam Nic. huet hien alles dru gesat fir dësen Eck, wou d'Natur nach intakt war, anere Mënsche méi no ze bréngen.





10

# Am Holz schaffen

Aus de Memoriale geet ervir, dass den Nic. Molitor (zesumme mam August Rother vun de Schifergrouwen am Raum Uewermaartel an dem Joseph Reuter) vun 1924 bis 1938 een Holzhandel an eng Seeërei bedriwwen huet. Op der Foto ënne riets gesäit een den Nic. um Bamstamm sëtzen.

D'Nolebeem, dorënner, d'Dänn, déi de gréisste Bestand vun de Bëscher an den Ardennen ausmécht, sinn nit vun hei. Déi natierlich Bëscher aus dëser Géigend hunn an der Haaptsaach aus Eechen a Biche bestanen. Landwirtschaftlich an agrarpastoral Aktivitéiten hunn den ursprénglichen Bësch verschwanne gedou fir Plaz fir Wisen, Weeden an Ubauflächen ze schafen. No a no goufen dës landwirtschaftlich Aktivitéiten opginn. An d'Plaz koume Monokulture mat Nolebeem, déi méi profitabel ware wéi Lafbeem.





11

# Den Éiler Haff

D'Wuert „Éil" kënnt wéi et schéngt aus dem Däitschen „Ehl", wat esou vill wéi Mean-der heescht. An dësem Deel mécht d'Uewersauer effektiv vill Schleefen. Do sinn haut eng Rei geschützten Déieren doheem wéi zum Beispill de Feierpäiperlek, deem seng Flilleken e bloe Schimmer hunn, d'Baachmuschel, den Äisvull an den europäische Biber.

Den Éiler Haff (Ferme d'Oeil) huet viru 1786 zesumme mat der Éiler Millen an Tënnen (Tintange) zur Par Rommel gehéiert. Vum 17. Joerhon-nert un huet e laang Zäit der selwichter Famill gehéiert. An der Mëtt vum 19. Joerhonnert ierft de Baron Goethals den Haff. Seng Famill bleift bis 1909 Besëtzer vun dësen im-posante Gemaier.

Kuerz drop huet eng Seeërei am Schapp hannert dem Éiler Haff ugefaange mat schaffen.

Haut ass am Éiler Haff een exklusiven Hotel.





12

# D'Brécken iwwert d'Sauer



Tëscht Greimel (Grumelange) a Rommel (Romeldange) goufen et an der Zäit eng sëllige Brécken a Steeën. Bis 1839 hu Rommel, Éil (Ferme et Moulin d'Oeil) an Tënnen (Tintange) zu Lëtzebuerg gehéiert. Dem Nic. Molitor seng Mamm, d'Anna Kauten, koum vum Haff Kauten vu Greimel. Déi perséinlich Verbindunge mat Lëtzebuerg an där deemools jonker Grenzregioun waren nach méi staark wéi haut an et huet ee Brécke gebraucht fir séier an direkt ze Fouss iwwer d'Sauer bei déi verschidden Häff an Dierfer ze kommen.







13

# Den Hiert

An eise Géigende koum et éischter seele vir, datt Kanner Schof gehitt hunn. Se stoungen éischter bei de Kéi oder de Schwäin. Op der Foto mat de Schof gesi mir dem Nic. Molitor seng Kusin, d'Anna Kauten.

A sengem Buch „No 100 Joer un d'Liicht" schreift de Romain Gaspar:

„De Schéifer hat dacks e mobilt Haischen, eng Aart Stousskäerchen, ënnen d'Këscht fir den Hond an uewe Plaz fir hien. Meeschtens hat en den Hond iewer op sech leie fir sech ze wiermen.

Den Hiert hat gewéinlich e Staf mat Schëpp a Krop. Wann nämlich eppes geraschelt oder gewibbelt huet, sinn d'Schof vun Angscht ausernee gelaf. Dann huet den Hiert eng Schëpp Buedem gehäit, a si si bäi de Leithammel gelaf an hunn d'Käpp bäienee gestreckt.

Mam Krop vun der Hierteschëpp konnt een iewer och een eenzelt Schof aus der Häerd rauszéien, zum Beispill fir et ze behandelen, wann et krank war, iewer och fir et ze verkafen oder ze schluechten. Mam Krop huet een d'Schof liicht iwwer dem Knéigelenk ze pake krut."



14

# D'Gendaarmen

D'Gendaarme si reegelméissig op hire Patrullen zu Bungeref passéiert. Si waren zu Pärel stationéiert an haten et nit ëmmer einfach. Déi verschidde Meldungen aus Lëtzebuerger Dageszeitunge beleeën, dass sech d'„Päreler Jondaarme" mat allerlee Problemer hu misse befaassen: mysteréis Déifställ, mordslëschtig Revolverattacken, hannerlëschtige Bedruch, fuerchtbar Kläppereie mat Messer, brutal Iwwerfäll, dramatisch Accidenter a schleierhaft Abréch.

**Bondorf**, 20. Juni. Die beiden Maurer Jakob Erpelding und Johann Andre aus Kötscheite gerieten gestern mit mehreren Bondorfer in Streit, wobei das Messer wieder eine leidige Rolle spielte. Erpelding und Andre wurden derart mit dem Messer bearbeitet, daß nach dem Kampfe Erpelding unterwegs verstarb. Der Zustand des andern soll jedoch nicht lebensgefährlich sein. Die mutmaßlichen Täter, drei an der Zahl, sind verhaftet. — Wie man nachträglich mitteilt, ist Erpelding nicht an den Folgen der erlittenen Mißhandlungen, sondern an einem Hirnschlag gestorben. Die 3 Verhafteten sollen daraufhin in Freiheit gesetzt worden sein.







15

# D'Ambulant Beruffer

Eng Rei Leit sinn ëmmer rëm „de passage" an eisen Dierfer gewiescht an hunn hir technisch Fäigkeeten oder hiert kënschtlerischt Kënne fir e puer Su ugebueden. Si hu wäit Distanzen ze Fouss uechtert d'Land zréckgeluecht a wossten ëmmer vill Neiigkeeten ze zielen. Zu den ambulante Beruffer hu gehéiert:

**Lompekréimer** *(Foto 1)*: Mat Karen a Ween sinn d'Lompekréimer wärend Joerhonnerten duerch d'Dierfer an d'Stied gezunn an hunn dat gesammelt, wat kee méi wollt: aalt Gezeit, Léngent, Wollsaachen, Schanken, al Schong, Eisen, Bläi, Koffer an Zënn. D'Lompe goufen nit kaaft, awer géint allerlee Geschier fir de Stot getosch, besonnisch de Parzeläi vum 3. Choix war vill gefrot. Dësen Handel war nit ongeféierlich, vill vun hinne krute Mëlzbrand a sinn dorunner gestuerwen. Nom Krich ass dëst Geschäft fir d'lescht nach eemol kuerz opgebléit, iert aus de Lompekréimer Schrotthändler oder Kiermes-Foraine gouf. Eppes vun de Lompekréimer huet awer méi laang iwwerlieft, dat war hir Geheimsprooch, d'Jéinisch.


1



2

**Stroossemusiker / Spillmann** *(Foto 2)*: et goufe scho Stroossemusiker bei de Kelten a Griichen. Si sinn iwwer Land gereest, hu Lidder gesongen an op Instrumenter, meeschtens Flütten, Trommelen, Geien, Klarinetten a spéider Ziharmonikae gespillt. Si waren dacks Virtuosen an hunn op Kiermessen oder Familljefeieren hir Konscht virgedroen. Wann d'Wieder gutt war si si op ëffentliche Plazen opgetrueden. Am Wanter hu si op entleeëne Millen oder Bauerenhäff hir lëschtig Lidder zum Beschte ginn. Dacks ware si och Dichter a Komponisten.

**Päiffer** *(Foto 3)*: Hei um Bild gesi mir de Peter Wampach, deen 1883 zu Bungeref op der Gemeng agestallt ginn ass. Mat senger aler Trommel aus Napoleonszäit ass heen duerch d'Stroosse geschratt fir déi leschte Neiegkeeten auszeruffen.



3




**Zirkusleit** *(Foto 4)*: Mat der Verbreedung vum Zirkuszelt ugangs vum 20. Joerhonnert ass dat gëllent Zäitalter vum Wanderzirkus bei eis ugaangen. Virdru waren d’Zirkussen nämlich stationär, meeschtens a gréissere Stied, wou déi néidig Installatiounen heivir do waren. Dës Familljen-Entreprisen hunn nieft Jongléieren, Akrobatik a Clown-Nummeren och Attraktioune mat eenheemischen Déiere gewisen.

**Schéierschlëffer** *(Foto 5)*: De Schéierschlëffer ass mat sengem Schläifsteen, deen en op Rieder wéi eng Kärche viru sech hier gedréckt huet, un all Hausdier klappe gaang an huet gefrot ob et am Haus näischt ze schläife géif. Op sengem schwaarze Steen huet hien dann déi stompig Schéieren a Messere geschlaff, dass d’Fonken dorëmmer geflu sinn. De Schéierschlëffer huet säin Tour dacks nom Kiermeskalenner geplangt, wëll en da vill gefrot war. D’Hausfraen haten nämlich gär schaarf Messere fir de Kiermesbrot ze schneiden an d’Ham reng ze zerwéieren.





6

**Dëppegéisser** *(Foto 6)*: Den Dëppegéisser ass mat sengem Weenchen, och Jabel genannt, dee vun engem Hond gezu gouf, duerch d'Land gezunn. Wa genuch Aarbicht an engem Duerf zesumme komm ass, huet hie sech niddergelooss. En huet da mat sengem gliddige Léitkollef e bëssen Zënn geschmolt an d'Lächer a futtissen Dëppen, Schosselen, Kréi, Wäschkesselen, Strenzen an Triichtere gefléckt. Geschier, wat nit méi schéi war, huet hien nei verzënnt andeems en et a flëssigen Zënn gezappt huet an duerno huet et rëm ewéi nei geblénkt.



16

# D'Donati-Prëssioun

Zu Bungeref gouf et nieft allen anere Fester eent, dat alles iwwertraff huet: d'Donati-Prëssioun. Zënter éiwig gëtt um 2. Sonnden am Juli zu Bungeref den Helligen Donatus, Patréiner géint de Blëtz, Donner a Knëppelsteng, veréiert. Et war laang Zäit ee Fest, dat d'Leit aus der ganzer Ëmgéigend ugezunn huet. An der Mëtt vum 19. Joerhonnert goufen alt 3.000 Pilger gezielt. D'Pilgergruppen aus de verschiddenen Dierfer sinn eng no där aner zu Bungeref ukomm a goufe mat engem Kanouneschoss begréisst. D'Mass ass an der Kierch ofgehale ginn, déi meescht Pilger hunn awer missen dobausse stoe bleiwen, well d'Kierch ze kleng war. Uschléissend ass de Cortège mat Musik a Gesank duerch d'Duerfstrooss bei d'Donatuskapell ausserhalb vum Duerf gezunn, wou d'Priedigt an d'Andacht ofgehale goufen. Dat ganzt Duerf war fir dëst Fest schéi gerëscht an op der Strooss ware Blumme gestreet.

Den Henri Trauffler, deen dëst Fest als Kand materlieft huet, erënnert sech: „Sehr oft antwortete Donatus am Nachmittag seines hohen Festes mit einem vollwertigen Sommergewitter, ließ dieses, als Dank, aber immer als angenehme Abkühlung schadlos vorüberziehen."








# Den Hotel Molitor

Dem Nic. seng Elteren, d'Anna an den Nicolas Molitor-Kauten, haten an dësem Gebai ausgangs vum 19. Joerhonnert eng „Handlung & Wirtschaft" a kruten 1898 deen éischten Telefon am Duerf. Am Laf vun de Joren huet d'Famill d'Gebai ëmmer rëm ëmgebaut an et ass e richtigen Hotelsbetrib entstan. Am Haff hannert dem Haus hate si eng Keelebunn.

Vu senge Reesen huet den Nic. vill Iddie mat heem bruecht a wollt, mat Gespier fir gutt Geschäfter, de Famill-jenhotel zum Touristenhotel ëmbauen, wat ëm och gelongen ass. Den Nic. huet sech besonnisch fir de Wandertourismus agesat an dëser wonnerbar rouiger an ursprénglicher Natur laanscht d'Sauer, och nach „Côte de la Sûre" vun him genannt.

Den Henri Trauffler erënnert sech un den Nic.: "Nic. hatte es in sich, die Schönheiten zu erkennen und darzubieten. Er war zur Zeit der einzige Fotograf des Dorfes, hatte Ecken, Höhen und Tiefen durchstöbert und mit viel Geschmack eine Serie der fotogensten Bilder geschaffen, die in Postkartenformat die beste Reklame bildeten. Es steckte eine Art Künstler in ihm".




















KANTON RÉIDEN

Beschiedegt Schëlder wgl. mellen: report@kanton-reiden.lu

Dës Broschür gouf zesummegestallt mat der Hëllef vum Romain Gaspar an der Ënnertstëtzung vum Syndicat d'Initiative vu Bungeref an der Gemeng Rammerich.